# forum - eng Zeitung?

*E Mataarbechter vun der sougenannter "Presse amicale" trëtt als Gaaschtriedner op.*

Léif Inviteën,
Léif Journalistekolleginnen a -kollegen,
Léif Annonceuren a Sponseren,
Léif Leit!

Als Mataarbechter vun enger richteger, ech géif bal gär soë vun der eenzeg richtiger Zeitung zu Lëtzebuerg, intresséiert ët mech natiirlech, souzesoën als Fachmann, ze kucken, ze ënnersichen, an driwwer ze referéieren, mat wat fir enge Methoden hei zu Lëtzebuerg probéiert gët, geschriwwe Meenungen ënnert d' Leit ze bréngen.

Ech betoune bewosst "Methoden", dat heescht Trikken.

Wat as FORUM?

As ët eng Zeitung, oder as ët eng Zäitschrëft, oder e Bliedchen, oder e Périodique?

Ech muss éierlech soën, dat ech nach keng Nummer gelies hun. Et as mer zimlech wurscht wat dra steet. Zimlech lénks, hun ech mer soë geloss. Vum Inhalt hier.

An dann de Format! Iirgendwou tëschent Spiegel-Magazin an Houwalter Parbliedchen. Wann een eng Zeitung ënnert d' Leit bréngt, déi och wiirklech hiren Zweck soll erfëllen, dann dréckt een e Format wou all Hausfra op d'mannst eng Kachecht Grompere kann drop schielen.

Dat as wat mir an eiser Redaktioun deen éischten Dag geléiert hun.

Ech stelle fest: de FORUM huet kee Format, awer Culot.

Et brauch ee nëmmen ze liese, wat baussen drop steet: Forum: fir kritesch Informatioun iwer Politik, Kultur a Relioun. As dat da keng Zoumuddung!

Wou gët et op der Welt eng Zeitung, déi vu sech ka behaapten, si géif alles wëssen. Dat as grad wéi wann een Dokter Häerzspezialist an Zänndokter a Vitrinär an engems géif spillen.

Mir hun dach hei zu Lëtzebuerg Zeitungen déi all Dag eraus kommen, an déi dat do alles honnertprozenteg ofdecken.

Mir hun eng éischt Zeitung déi nëmme Politik bréngt. Säitelaang. Mat Leitartikelen a Kommentaren. Emmer poulriicht an dee selweshte Krack geha. Bis och deen Dommste bekäppt, wat en ënner Politik ze verstoën huet. Wat sollen d'Leit da mat kriteschen Informatiounen ufänken? Esou e Bliedchen as nëmme gutt fir de normale Biirger duurjhemeen ze bréngen, ze veronsécheren, an dréit derzou bäi, dat op eemol kee méi weess, wat en dann elo gleewe soll.

Mir hun eng zweet Zeitung, déi all Dag eng ganz Säit iwwer Kultur dréckt. Déi ganz genee bestëmmt, wat Kultur as, a wat Kultur nët ze sin huet. Klor an däitlech Aussoë, wou jidderee sech soll drun halen. Domat weess eng ganz Natioun, wat se ze kucken, ze lauschteren an ze liesen huet.

Mir hun eng drëtt Zeitung, déi op Relioun spezialiséiert as. Mat engem direkten Drot an d'Chefetage vum Vatikan. Informatiounen aus éischter Bistumsquell. Dat huet soss keng Zeitung opzeweisen. An et soll och keng sech dat zoumudden.

Mir hun eng véiert Zeitung, déi e richtige Forum as. Wou d'Leit sech op der Säit vun de Lieserbréiwer begéinen. Wou se hir Gedanken a Gefiller kënnen austauschen. Wou se all denen, déi nët an hir Politik, hir Kultur an hir Relioun passen, mat deem néidege Schotz Intoleranz kënne riicht eraus hir Meenung soën.

Mir hun also dee perfekte Pressepluralismus zu Lëtzebuerg. Et gët zwar béis Zongen, déi behaapten, déi véier Zeitunge géif ët guer nët gin. Dat wire nëmme véier Rubriken aus enger an der selwechter. Dat wir d'Stëmm vu Lëtzebuerg, fir Wouerecht a Recht an Uerdnung a Reklammen. Alles Ennerstellungen a Näid.

Ech behaapten: Wann ee wëllt e FORUM sin, an ët huet ee keng Sportssäit a keng Doudesannoncen, da misst ee verbuede kréien, Abonnementer ze verkafen.


Ech liesen: 150 Nummern unabhängiges "forum".

Datt ech nët laachen. Onofhängech. A wat steet direkt op der Säit 4? Ee finanzielle Bilan, deen ech nach wäerd a Fro stellen, an en Opruff, Steieren ze hannerzéie fir de Forum z'ënnerstëtzen. As dat onofhängech, wann engem seng Existenz vun esou krommen Tricken ofhänkt? Ech dréinen dat Bliedchen ëm, a schon hun ech et gelies. Déi lescht Säit as typesch.

As dat eng seriös Zeitung, wou d'Redaktioun nëmme stonneweis schafft? As dat ze veräntwerte, wann ee nëmme aacht Mol am Jor erauskënnt? Wou anerer dräihonnert Mol präsent sin. Summer wéi Wanter. Dag fir Dag ausser de Feierdeeg. Souguer an der Faaschtenzäit sin a ménger Zeitung d'Titele fett gedréckt.

Awer de Präis, dé stëmmt. Ech hun et opgerechent. A mäi Bilan, als Medien-Expert gesäit liicht anescht aus, wéi deen, deen der op der Säit 4 vun der Nummer 150 kënnt noliesen.

Eng duurchschnëttlech Oplo vun 2.100 Exemplare. Dat as zwar lächerlech.



Esou eng Oplo fëmmt eise Chefredakter an all Redaktiounskonferenz an der Päif.

Egal. D'Rechnung as séier gemeet.

2100 mol 120.- Frang dat mecht: 252 000.- Frang pro Nummer. Wann ee weess, datt dat hei déi honnertfoffzégst Nummer as, da kënnt een op 252.000 mol 150 as 37.800.000 Frang. Wann ee weess, datt de Pabeier se näischt kascht, well se nëmmen op recykléiert Dageszeitungen drécken, déi vun anere Leit ewechgehäit gin, wann een dann déi puer Frang Porto fir d'Verschécken vun dene puer Abonnementer ewechrechent, je hopp si mer nët ze klengelech, da bleiwen ënnert dem Strich gutt 37 Millioune Rescht.

Wann een da weess, wéi déi alternativ Journalist(en) an (innen) ënnertenee verfueren, da muss ech Skandal jäizen. Et as bekannt, dat den "Herausgeberkreis", wéi en hei am Impressum steet, nëmmen um Pabeier existéiert. Also och näischt kritt. A mat recht.

Bleift also nach den haarde Kär: Fehlen, Pauly, Schlechter, Staudt, Travostino.

Eng Band vu fënnef, déi sech déi 37.000.000 opdeelen. Mecht op de Kapp: 7,4 Milliounen.

Ech wëll elo nët hei de schwaarze Mann spillen, awer ech froën déi Leit: wéini hu der är lescht Steiererklärung gemeet? Et géif elo nach jhust fehlen, datt de FORUM eng Demande fir Pressehëllef eragéif reechen.

Ech mengen domat wir bewisen, dat et eng Liggen as, wann ëmmer behaapt gët, déi grouss Zeitunge géifen déi kleng futti maachen. Et as jhust ëmgedréint. Déi kleng wësse guer nët wat e fehlt. Hu dir eng Ahnung, wéivill Tonne Kaffi an Téi an anger grousser Redaktioun wi bei äis verbraucht gin? Dat as eisen deeglече Bäitrag fir d'Iwwerliewe vun de Kaffis- an den Téiplantagen an der drëtter Welt. Dofir brauche mir keng Solidaritéiskampagne ze ënnerstëtzen.

Hu dir eng Ahnung wéivill Telefonen an enger grousser Redaktioun eran an eraus gin. Dat as eise Bäitrag zum Iwwerliewe vun der Post an dem lëtzebuerger Kommunikatiounswesen. Hu mir eng Kéier eng Auszeechnung dofir ugefrot?

Hu dir eng Ahnung wéivil Lieserbréiwer all Redakter bei äis am Haus selwer muss schreiwen, well déi wirklech Lieser ze lidderég sin, fir op Themen déiméngem Chefredakter brisant schéngen, ze reagéieren. Dat as eise Bäitrag zur Schreifkultur zu Lëtzebuerg. Awer dat bedenken déi kleng nët. Wat maachen se? Se stänkeren, se stëppelen, bréngen Onrou an de Pressebësch, a fälsche Bilanën.

*(Am Predigertoun)*

Nët all, dat muss ech fairerweis agestoën. Et gin der och, déi zwar kleng sin, an awer wësse, wat sech passt. Déi kengem grousse laanscht d'Bee pissen. An déi dofir och eise Luef an eis voll Ennerstëtzung verdingen. Mir huelen se bei äis op.

Eise Schouss as grouss. Mir si frou fir all Klengen dee bei äis uklappt, dee sech bekéiert a sech zu eiser Famill bekennt.

Ech bieden iech also äert Glas ze hiewen, an unzestoussen op déi kleng alternativ Press. Mir solle frou sin dat mer se hun. Prost op d' Lëtzebuerger Sonndesblad, op d' Lëtzebuerger Kannerzeitung an op de Lëtzebuerger Mariekalenner.

Ech wëll schléisse mat engem Zitat aus dem FORUM-Impressum, a mech an engems domat aus alles erausbalen: Dësen Text gët nët onbedingt d'Meenung von eiser Redaktioun erëm. Ech hu mer déi Fräiheet geholl, als fräie Mataarbéchter vun enger fräier Zeitung. Maacht iech fräi. Et as fräi Nuecht.

**Jemp Schuster**
**23.3.94.**